



vill iwwreg bleiwen. Et ass effektiv esou, dass mer d'lescht Joer 360 Kandidaten haten. Et hunn der 106 den Exame gepackt. Déi hu mer dann natierlech all an d'Instruction de base geschéckt op den Härebierg an do sinn der entre-temps nëmme méi 79 iwwreg.

U wat hänkt dat? Bon, éischstens emol: Déi, déi den Examen net packen, do gëtt et wahrscheinlech eng Rei Explikatiounen. Mä et ass esou, dass déi Exame vun der Éducation nationale ofgeseent ginn, fir dass mer net am Niveau ze héich leie par rapport zu deem, wat déi Kandidate schoulesch kënnen leeschten.

Mä et ass awer esou, dass herno an der Instruction de base eng Rei Leit ewechfalen aus Grënn, well se vläicht net sportlech genuch sinn, well se vläicht psychologisch Problemer hunn, wa se mierken, dass Polizist sinn awer och ganz oft zu Stresssituatiounen féiert.

Et sinn der awer och, an dat muss een och soen, déi aus Bequeemlechkeet déi Instruction de base herno net weidermaachen, well se net gewinnt sinn, an engem Dortoir ze schlofe mat aneren, well se net gewinnt sinn, hiert Bett selwer ze maachen, a well se keng Loscht hunn, an der Kantin ze iessen. Dat kléngt banal, ass awer och heiansdo e Grond.

An dann, wa se bis aus der Instruction de base eraus sinn, da komme se jo an d'Policeschoul, an do falen der och nach regelméisseg ewech, well se sech net esou behuelen, wéi een angehende Polizist sech muss behuelen. Wa se bei Alkoholkontrollen negativ opfalen, ze schnell fueren oder soss Défite maachen, dann ass natierlech hir Carrière bei der Police relativ schnell eriwwer. An dofir appelléieren ech ëmmer un déi jonk Leit, dorobber duebel gutt opzepassen.

D'Madamm Dall'Agnol hat mech och op d'Statistiken ugeschwat, déi de Moment net ëmmer ganz fiabel sinn. Dat ass ganz richtig. Et ass oft esou, dass déi Statistiken net ëmmer no engem klore Prinzip an no klore Regeln iwwerall gemaach ginn, mä dofir hu mer an enger vun den Direction-centrallen, déi mer aféiere wäerten, dat do och virgesinn, fir dass déi ganz Statistiken esou opgebaut ginn an ausgebaut ginn, dass een och fiabel Resultater huet an och fiabel Réckschlëss doraus zéie kann.

Dann ass vun engem Deputéierten nach drop higewise ginn, dass et wichteg ass, fir e Rekrutement vun Zivillkaderen an héichspezialiséierte Matière, wéi zum Beispill der Cyberkriminalitéit, ze maachen. Dat maache mer definitiv. Ech mengen, dass dat wichteg ass. Den Zivillkader wäert och weider an deem Sënn bei der Police ausgebaut ginn.

Voilà! Da krut ech eng ganz Rei Propositionen hei mat op de Wee. Ech soen all eenzelne Deputéierte Merci fir déi Propositionen. Ech si frou fir deen Input, a mir wäerte mat Sécherheet nach eng Rei Saache preziséieren an deenen Texter, déi der dann am Juli wäert presentéiert kréien. Well mäin Zil ass et nach ëmmer, fir Enn Juli dës Reform hei an deem héijen Haus ze deponéieren, fir dass mer se esou schnell ewéi méiglech an d'Realitéit kënnen ëmsetzen.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci fir Är konstruktiv Bäitrag. Jo, den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech froe Parole après ministre.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Ganz gären.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Minister. An den Här Wolter huet Parole après ministre gefrot.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, Här President, ech wollt dem Här Minister Schneider soen, dass, wann ech effektiv d'Halschent vun der Ried vun der Madamm Dall'Agnol an d'Halschent vun der Ried vum Här Hahn net matkrut - all déi aner Rieden hunn ech in extenso matkritt -, dann ass et, well ech em a sengem Ministère wärend enger hallwer Stonn, enger Dräiviertelstonn hu missen hëllefen, dass mer als Gemeng den nächsten Donneschdeg en Akt kënnen maachen, wou de Ministère de l'Économie drop hält, dass en en Donneschdeg gemaach gëtt, an de Ministère de l'Économie net à même war, bis de Mëtten d'Saach esou ze organiséieren, dass mer dee kéinte maachen. Ech wäert...

► **Une voix**.- Ooh!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Déi Rechnung do, Här Schneider, déi wäert lech net opgoen. Gleeft mer dat: Déi wäert lech net opgoen! Et ass fir e Lëtzebuerger Betrib ze stäerken, wou dat war.

(Interruption par M. le Ministre Etienne Schneider)

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, dass d'CSV a kengem Moment gesot huet, dass déi éischt Ausschreiwung vun 214.000 Euro am Kader vum Audit vun der Police falsch gelaf wär. Et ass effektiv ausgeschriwwen ginn, et hu véier oder fënnef Betriber sech gemellt, et huet een

den Zouschlag kritt. Do, wou mir net domadder d'accord sinn, Här Schneider - net domadder d'accord sinn! -, an där Saach gi mer no, dat ass, dass duerno, ouni Ausschreiwung, ouni Mise à concurrence, deeslewechte Betrib vun lech elo fir 1.643.000 Euro en Nachschlag kritt.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Dat ass absolutt legal!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- En Nachschlag kritt! Dat ass...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Absolutt legal.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, jo. Absolutt legal.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Dat war mat der Commission des soumissions ofgeschwat...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Genau dat wäerte mer jo da kucken.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- ...a mat hirem Accord.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech fannen et net normal, dass am Virfeld eng Ausschreiwung vun 200.000 Euro gemaach gëtt, wou eng Mise à concurrence gemaach gëtt, an duerno eng Ausschreiwung fir den aachtfache Montant,...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Fir zwee Joer Aarbecht, Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...fir den aachtfache Montant nogeluecht gëtt, ouni dass do eng Ausschreiwung gemaach gi wär. Dat ass net Gemauschels, dat ass prinzipiell d'Recht vun engem Deputéierten a vun enger Partei, fir dat a Fro ze stellen. An déi Diskussioun hate mer schonn ëfters heibannen an déi Diskussioun wäerte mer an deenen nächste Wochen och féieren.

Zur Police des transports fannen ech nu wierklech, Är Ausféierunge si scho bal net méi nozevollzéien. Et geet jo kengem drëm, fir an all eenzelne Zuch Zuchbegleiter ze hunn. Mä d'Fro, déi sech stellt, an dat ass eng Fro d'ailleurs, déi de Minister Bausch sech gestallt huet, well de Minister Bausch ass do enger fundamental anerer Meenung wéi Dir,...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Jo, hie muss et net organiséieren.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...ob et net au vu vun der Entwécklung vun eiser Gesellschaft noutwendeg ass, dass mer an der Police en Département hunn, wat sech speziell ëm d'Fro vun der Police des transports bekëmmert. An et ass déi Fro, déi mer gestallt hunn. An ech soen lech: Dir kënnst maachen, wat Der wëllt, Dir wäert an der Police, op eng Aart a Weis oder op eng aner, an deenen nächste Wochen, Méint a Joren eng Police des transports mussen aféieren, fir deene Phenomeener Här ze ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wolter. An den Här Minister huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An et ass elo den Donneschdeg annulléiert.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Ech wëll just op zwou Saachen dann nach eng Kéier agoen. Déi Saach mat der Police des transports: Ech gesinn net an, firwat mer eng Police des transports musse grënnen. Déi Aarbecht, déi do soll gemaach ginn, déi mécht déi aktuell Police. An déi mécht déi punktuell elo schonn an déi wäert déi och punktuell weider esou maachen.

Respektiv, wat se ugefaangen huet, wéi déi Problemer opkomm si mat den Insécuritéten an den Zich, du sinn haaptsächlech Reunione mat den CFL organiséiert ginn, fir ze kucken, wéi ee besser kann agéieren an den Zich, wéi een och d'Formatioun ka maache vun den Zuchbegleeder vun den CFL, fir d'Sécherheet ze verbessern an den Zich. Genee dat maache mer an dat wäerte mer och weidermaachen. Mä ech wäert net à même sinn, fir an all Zuch Policebegleeder dranzesetzen. Dat ass tout simplement net méiglech!

Da wëll ech awer nach eng Kéier zu där Auditgeschicht do kommen. Also, Här Wolter, Dir maacht elo hei, wéi wann dat dat Neistent vun der Welt wär, dass et en Zousazaudit gëtt respektiv en Zousazoptrag fir en Auditeur. Dat ass et schonn dausendmol an dësem Stat ginn. Et ass dat Normalst vun der Welt!

Wann et en plus ëm e Sujet geet, wou et ëm d'Confidentialité geet: Wat Dir jo wësst, wat Der zwar alles bestreit, mä et ass awer esou! Wann Der wësst, dass d'Commission des soumissions déi dote Prozedur als absolutt legal an absolutt okay ugesinn huet, a wann Der wësst, dass, wa mer dat do ausschreiwen an en neien Auditeur huelen, deem also elo an deene ganze Viraarbechte vun där Policereform, déi ëmmerhin elo schonn annerhalft Joer daueren, net dobäi war, deem also vu vir ufänke muss, deem

emol muss léieren, wat d'Police ass, wéi d'Police funktionéiert, wéi se organiséiert ass, wat fréier war, wat mer haut wëlle maachen: Wéi vill mengt Der dann, dass dee géif froen, wann dee bei null muss ufänken, par rapport zu engem, deem elo während zwee Joer - dee Montant, deem Dir genannt hutt, ass fir zwee Joer Aarbecht - déi Police soll all Dag begleeden, fir déi Reform hei ëmzesetzen?

Ech mengen net, dass mer domadder e besseeren Deal gemaach hätten! Mä et ass selbstverständlech Aert Recht als Deputéierten, alles a Fro ze stellen, wat Der wëllt a Fro stellen. Merci.

5. Ordre du jour (suite)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat wäere mer um Enn vun eise Dëbat ukomm. Mir géifen dann zu deenen nächste Punkte vun eise Ordre du jour iwwergoen.

Ech wollt lech awer just virun den Diskussiounen iwwert déi zwee Projeten informéieren, dass mer de Vott iwwert déi zwee Projete wäerte muer nom éischte Punkt vum Ordre du jour maachen, also no der Ofstëmmung iwwert d'Kannergeldreform, well eng ganz Rei vun de Kollegen Obligatiounen hunn a mer deem wëlle Rechnung droen. Also d'Ofstëmmung iwwert déi hei zwee Projeten ass muer no der Ofstëmmung iwwert de Projet iwwert d'Kannergeld.

Den éischte Projet, dee mer elo drunhuelen, ass de Projet 6940. E geet iwwert de Multi Role Tanker Transport an den Här Angel, Rapporteur, wäert eis elo erklären, wat sech do derhannert verstoppt.

6. 6940 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational „Multi Role Tanker Transport“ (MRTT)

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, bei dësem Projet geet et och ëm d'Sécherheet, d'Sécherung vum Friden, d'Sécherheet vun onsem Land, d'Sécherheet vun Europa. Dëse Projet de loi 6940 erlaabt et Lëtzebuerg, ze participéieren un engem multinationalen Défenseprogramm, deem MRTT heescht. Dir hutt et gesot: Multi Role Tanker Transport.

Dir wësst, dass virun zwee Joer um NATO-Sommet vu Wales gesot ginn ass, et misst ophéieren, dass d'Défensebudgeten ëmmer méi erofginn, an dass mer Défien hunn, a mir mussen eis dësen Erausforderunge stellen. An do ass gesot ginn, déi Tendenz misst renverséiert ginn an d'Länner sollten 2% vun hirem RNB ausgi fir d'Défense. Dat mécht Lëtzebuerg selbstverständlech net! Mir ware mat 0,4% d'Schlusslicht a mir hunn decidéiert, op 0,6% eropzegeen.

D'Défensepolitik ass e ganz feste Bestandteil vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, net nëmmen am Kader vun der NATO, mä virun allem och am Kader vun der Europäescher Unioun. An déi Suen, déi an d'Défense ginn, dat ass net esou ze gesinn, dass dat Sue sinn, déi reng fir d'NATO sinn, mä dat si besonnesch Sue fir friddenserhalend Missiounen, Missiounen och am Kader, ech widderhuelen et nach eng Kéier, vun der Europäescher Unioun.

Lëtzebuerg wäert also bis 2020 vun 0,4% op 0,6% eropgoen. Lëtzebuerg, d'Regierung huet decidéiert, hei besonnesch op den Développement capacitaire ze setzen, fir esou ze hëllefen, capacitaire Lacunnen, déi et gëtt, souwuel um Niveau vun der NATO wéi och bei der EU, ze combléieren.

Bei all dësen Défenseprojeten, a geschter huet de Minister eis nach eng Kéier drun erënnert, spilt och e Retour économique. Dat ass eis ganz wichteg. Dat hu mer gesi beim Projet GovSat, dat hu mer gesi beim Projet AGS, dat gesi mer bei der Renovéierung vum Härebiereg.

De Programm MRTT, Multi Role Tanker Transport, ass 2012 entstanen, wéi eng Konferenz vun EU-Défenseministere war. Am Kader vun der Agence européenne de défense hunn eng Rei vu Länner eng politesch Deklaratioun gemaach, fir eng europäesch Capacitéit ze kréieren, fir de Ravitaillement en vol ze entwéckelen. Am November 2012 hunn dunn eng Rei Länner sech zesummefonnt, eng Lettre d'intention ënnerschriwwen, fir esou en MRTT zesummen unzeschaffen.

Et war also wichteg, déi Lacune capacitaire, déi et gëtt an Europa, fir Transporter ze maachen an och, fir aner Fligere en vol opzetanken, fir déi ze combléieren, well mer do ganz ofhän-

geg ware vun den Amerikaner. A mir wëllen eis aus dëser Ofhängegkeet erausbeginn.

Vun de Länner, déi déi Lettre d'intention ënnerschriwwen hunn, hu sech der dunn eng Rei decidéiert, konkret de Projet ze lancéieren ënnert dem Lead vun eisen hollännesche Frënn: d'Belsch, Norwegen, Polen a Lëtzebuerg waren derbäi. Norwegen ass erausgestigen an d'Belsch huet sech nach eng gewësse Bedenkzäit ginn.

Multi Role, firwat heescht et Multi Role? Ma déi Fligere kënnen verschiddeenes maachen: Wéi gesot, de Ravitaillement en vol, si kënnen och Transport maachen, Truppen transportéieren, awer virun allem Material - dat ass besonnesch fir humanitär Asätz ganz wichteg -, a si kënnen eng Évacuation médicale stratégique maachen. Et ass virgesinn, eng Flott vun dräi esou Fligere ze bestellen. D'Négociatiounen si gefouert gi mat Airbus, fir déi Fligere vum Typ A330 MRTT ze bestellen.

Déi Länner, déi elo nach dobäi sinn, déi wëllen uganks Juli och en marge vum NATO-Sommet e Memorandum of understanding ënnerschriwwen. Et ass och gewosst, an dat huet de Minister eis och erkläert, dass Däitschland indiquéiert huet oder d'Intention huet, sech am Laf vun nächste Joer un de Projet MRTT ze associéieren.

Déi Acquisitioun vun deenen dräi Fligere, déi leeft iwwert d'NSPA, déi fréier NAMSa, déi elo NATO Support and Procurement Agency heescht. A si gëtt ënnerstëtzt dobäi vun dem OCCAR, dat ass den Organisme Conjoint de Coopération en matière d'Armement. Do hate mer jo och virun engem Joer, oder virun engem hallwe Joer hei iwwert deem OCCAR rieds, wéi ech och Rapporteur vun deem Projet war.

D'MRTT-Fligere wäerten herno d'Propriétéit vun der NATO sinn, mä d'Gestioun wäert vun der NSPA gemaach ginn, ënnert dem Contrôle vun engem Support Partnership Committee, wou d'Länner, déi participéieren, natierlech dra vertruede sinn. An den exklusiven Droit d'usage ënnerläit natierlech och de Länner, déi um Projet participéieren.

Lëtzebuerg engagéiert sech finanziell bis zu 172 Milliounen Euro, ouni TVA, verdeelt awer op 30 Joer. Dës 172 Milliounen beinhalten de Kaf, do gëtt en Deel vun der Zomm bezuelt zwëschen 2016 an 2022, an duerno d'Utilisation opérationnelle. Déi Fraise falen dann ab... De Rescht vun deenen 172 Milliounen wäert dann ab 2020 bezuelt ginn.

Nach eng Kéier: Fir Lëtzebuerg ass et wichteg, esou e Fliger gebrauchen ze kënnen bei der Gestion de crises, Aide humanitaire an Évacuation médicale. Immatrikuléiert ginn dës Fligere an Holland zu Eindhoven. A Kooperatioun mat der European Air Traffic Command (veuillez lire: European Air Transport Command) gi se dann och an den Asaz geschéckt.

Aktuell ass och net virgesinn - a mir haten eng Diskussioun an der Kommissioun doriwwer -, Lëtzebuerger Piloten do auszubilden. Mir bilde jo am Moment Piloten aus fir den A400. D'Lëtzebuerger MRTT-Fluchstonne wäerten am Nimm vu Lëtzebuerg a fir Lëtzebuerg geflu gi vun de Piloten, déi zu där multinationaler MRTT-Unitéit zu Eindhoven gehéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer als President an awer och als Rapporteur vun där zoustänneger Kommissioun, all de Memberen, de Kollege Merci ze soen.

Mir haten de 7. März eng ganz interessant Reunione, wou de Minister mat héije Beamte vum Ministère de la Défense, awer och Vertreeder vum Militär eis dee Projet virgestallt hunn, wou d'Kolleginnen an d'Kollege ganz interessant Froe gestallt hunn, wou mer och ganz kompetent Antworte kritt hunn. Ech hu versicht, dat alles a mengem Rapport erëmginn, dat kennt Der do alles noliesen.

Ech wollt mat zwou Remarquen ophalen. Mir hunn an deene leschte Joren am Kader vun der NATO oft dat Wuert „smart defence“ héieren, oder am Kader vun der Union européenne „pooling and sharing“. Dat sinn net nëmme Schlagwierder! Hei ass wierklech e gutt Beispill vun enger Mutualiséierung vu Capacitéiten, déi och reelle Besoinen entsprechen. Ech mengen, et huet kee Wäert, dass jiddweree sech alles keeft, mä dass een do eng Mutualisatioun mécht. An ech mengen, dat ass eng gutt Saach.

Dëse Projet de loi, mengen ech, ass och ze gesinn an engem positive Sënn, a wat nei ass: eng besser Zesummenaarbecht zwëschen NATO an Europäescher Unioun. An et ass e multinationale Projet, genausou wéi AGS a SATCOM. An ech mengen, mir hate geschter de Minister an der Kommissioun, de Verteidigungsminister Schneider, deem eis gesot huet, deem eis och d'Evaluatioun vun der NATO ginn huet an och eng



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg, Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

„peer review“ ginn huet, wou mer gelueft gi sinn, dass mer am Fong innovativ sinn an dass mer och ëmmer eng multinational Approche hunn an esou hëllefen, bei essentiellé Capacités critiqués matzemaachen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Angel. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Ech wollt e puer Wieder zu dësem Projet soen. Ëmmerhi ginn 172 Milliounen hei investéiert op 30 Joer. Et ass also e Projet, deem iwwer eng laang Zäit geet. An a mengen Aen ass et e gudder Projet an och en noutwendeg Projekt. Noutwendeg war et eben, de Projet esou ze maachen, well den Artikel 99 jo virgesäit, dass, wa méi wéi ee Joer budgetär Mëttelen engagéiert ginn, da muss een e Gesetz maachen. Dat geschitt hei.

An et ass och e gudder Projet, well et éischters an der Philosophie ass vun der Lëtzebuenger Verteidigungspolitik, et ass keen „boots on the ground“, et ass éischter e Partenariat, en huet humanitär Voleten, wéi de Rapporteur dat gesot huet. An et gëtt och en ekonomesche Retour, wann et och éischter fir d'EU ass, well am Fong geholl den Airbus hei benotzt gëtt. Mä et ass ëmmer e Retour hannendrun. An dofir, mengen ech, ass et wichteg, dass een dat hei ervirsträicht.

De Rapporteur huet dat jo och wonnerbar gemaach, schrëfflech an och mündlech, an ech wollt him och Merci soen. Mir hunn e gudder President an hie mécht déi Saache ganz bewosst, also ganz am Detail, an dat ass och ganz gutt, dofir brauch ech net méi vill doriwwer ze soen, iwwert de Projet als solchen.

Zwou Saachen, dräi Saache wollt ech nach soen. Et ass esou, dass jo „pooling and sharing“ hei gemaach gëtt, oder „smart defence“, wéi d'NATO dat nennt. Et waren eis belsch Kollegen, wéi déi d'Présidence haten, hunn déi dat lancéiert. Doraus ass dee Projet jo entstanen 2012. An deemools hate mer jo och déi Erfahrung gemaach a Libyen, beim Asaz a Libyen, beim Gaddafi, wou d'Fransousen a sech de Lead haten, dass mer keng Capacitéiten haten an dësem Beräich an dunnt ass gesot ginn: „Mir müssen do eppes maachen.“

Wat mech elo wonnert, dat ass, dass d'NATO am Fong geholl elo hei de Lead geholl huet. Dat gëtt esou argumentéiert, dass, wann et iwwert d'NSPA leeft, bräichte mer keng TVA ze bezuelen. Ech weess dat net. Mä wat ech feststellen, dat ass, dass awer bei deenen zéng Länner, déi am Ufank ënnerschrifwen hunn, d'Fransousen derbäi waren, an elo si se net méi derbäi. Do kann ee sech d'Fro stellen, firwat dat esou ass.

Wat gutt ass, dat ass, dass de Benelux hei in globo an dësem Projet dran ass. E Projet also, wou ech iwwerzeegt sinn, dass en dat Richtegt ass am richtege Moment, an deem noutwendeg ass, well mer doduerch kënnen Économies d'échelle maachen am Sënn, dass mer Sue kënnen spueren.

Zwou Froen, déi ech mer stellen, sinn déi: Den A330 MRTT, dat ass jo en Airbus, a mam A400M hu mer net déi beschten Erfahrungsge

gemaach: Et ass vill méi deier ginn an, am Fong geholl, d'Ausliwwerung kënnt och vill méi spéit wéi mer geduecht hunn. Ech well net den Däiweel un d'Wand molen an ech well och net dem Minister hei iergendeppes ënnerstellen, mä ech si gespaant, ob dat hei dann esou iwwert d'Bün geet, wéi mer dat elo soen, oder ob do nach aner Elementer kommen.

En anere Punkt, deem ech nach wollt uschneiden, ass deen: Et ass gesot ginn, de Rapporteur huet gesot, dass keng Lëtzebuenger Pilote sollen an dësem Projet fléien. Firwat dann net?

Hei hu mer e Modell kritt, wou Lëtzebuerg dann esou vill fir de Fliegerkaf bezitt an esou vill Stonnen da kritt. Doduerch muss mer dann och prozentual esou vill Personalkäschte bezuelen an esou vill Entreteneschäschten. Da gesinn ech och net an, firwat mer net sollen och da Leit hunn, Lëtzebuenger, déi dann dat Handwierk hunn, wat ebe Pilot ass. Firwat sollen déi net och do an dee Modell mat agebaut ginn? Ech geif also de Minister froen oder him soen, hie sollt emol probéieren, ob dat net méiglech wier, dass och e puer Lëtzebuenger do matfléien. Dat wär net schlecht.

Ofschléissend: E gudder Projet, en ass zukunftssträchtig, en ass ausbaufäeg - et ass jo gesot ginn -, eis däitsch Frënn kommen an den nächste Joren derbäi. An esou Projekte wënschen ech mer nach méi, esou Projekten an der Zukunft. An ech ginn heimadder och den Accord vun der CSV.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Halsdorf. D'Wuert huet dann den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an de leschte Méint, och Joren, schonn e puer Gesetzer hei gestëmmt, déi als Zil haten, fir eise Beitrag bei der NATO eropzesetzen, et ass de Mëtteg hei schonn ugeklongen.

Ech erënneren un d'Gesetz iwwert de GovSat. Ech erënneren awer och un den AGS-Satellitensystem. De Moment ass eise Beitrag bei 0,4% vum PIB. Dat ass ganz bescheiden. Bis d'Joer 2020 soll dat op 0,6% eropgoen. Och dat ass nach net e schrecklech ambitiëst Zil. Mä et ass awer e wichtegt Zil, wat ouni Zweifel och vun der Demokratescher Partei hei guttgeheescht gëtt. An ech mengen, mir sinn den NATO-Partner dat och schëlleg.

Dat Gesetz vun haut dréit dann och u sech där Logik Rechnung. Et bitt u sech och eisem Land d'Méiglechkeet, en neie Profill, en zousätzleche Profill um Niveau vun der Verteidigungspolitik ze weisen, obwuel jo dee Projet hei awer och mat Sécherheet direkt och um humanitären Niveau anzereien ass.

Et ass evident, dass d'NATO muss zousätzlech nach méi performant ginn, och um Niveau vum Ravitaillement an der Luucht. Et weess een, dass do de Moment d'Amerikaner ganz kloer federführend sinn. An duerch dee Projet hei kann awer dann d'NATO och, wéi gesot, méi autonom ginn.

Et weess een och guer net, wou Amerika hiesteiert, wat fir eng Politik Amerika an Zukunft mécht, wann e Presidentewiessel kënnt a wann dee President och vläicht sollt Donald Trump heeschen.

Besounnesch och d'Tensioune mat Russland aus deene leschte Méint droen dozou bäi, dass d'NATO muss eng aner Aktivitéit ënner Beweis stellen. Mir brauchen och e staarkt Verteidigungsbündnis. Ech mengen, besounnesch gëtt dat och reklaméiert vun de baltische Staaten a vu Polen. Jo, et kann ee soen, déi gesamt Grenz laanscht Russland, déi Länner, déi do ugrenzen,

sinn natierlech drop aus, dass méi eng staark militäresch permanent Präsenz soll gefërdert ginn.

Ech well dann awer och drop hiweisen, dass zum Beispill de schwedesche Friddensforschungsinstitut SIPRI elo kierzlech matgedeelt huet, dass d'Militärausgaben am leschte Joer weltwäit bei 1.700 Milliarden Dollar louchen! Dat ass jo net weineg. An op der drëtter Plaz - ech mengen, och dat soll emol hei eng Kéier ënnerstrach ginn -, läit ënner anerem am Moment e Land wéi Saudi-Arabien. Et soll ee sech och kengen Illusiounen higinn, well mir wäerten och dovunner ausgoe mussen, dass och an deenen nächste Joren déi Ausgabe wäerten nach steigen.

Awer, wéi gesot, deen humanitären Aspekt vun deem Projet soll awer hei nach eng Kéier ënnerstrach ginn, well d'NATO, déi gären nawell éischter als e reng militärescht Bündnis duergestallt gëtt, huet jo awer och an deene leschte Jore bewisen, dass se op aneren Niveaue ganz wichteg Asätz gemaach huet. Ech denke virun allem un d'Flüchtlingskris an, wéi gesot, dee Projet hei, dee jo och vun der EU ka mat gebraucht ginn.

Et ass sécher, dass mir als Lëtzebuenger eis do kënnen och méi logistesche abréngen. Eis Moyene sinn natierlech begrenzt, besounnesch wa mer un eis Arméi denken. Dat ass mat Sécherheet net pejorativ geduecht.

Mir hate jo gëschter, wéilt ech iwwregens hei nach ënnersträichen, eng ganz interessant Diskussioun um Niveau vun eiser Kommissioun, wou jo ënner anerem awer och d'Fuerderung komm ass, déi och vun der NATO formuléiert gëtt, fir dass mer d'Zuel vun eisen Zaldote sollen an den nächste Joren eropsetzen. Mä mir wësse jo och, dass dat guer net esou evident ass. Dat huet eng Rei aner Ursachen, iwwert déi ee mat Sécherheet och kann nach eng Kéier méi am Detail diskutéieren.

Wat an deem Projet hei awer och interessant ass, dat ass, dass mer hei an eng Struktur agebonne sinn, déi Benelux heescht. De Benelux, deen hei ëmmer méi also och beweist, dass en eng wichteg Roll ze spillen huet, a wou mir als Lëtzebuerg och all Intérêt hunn, weiderhin an där Struktur do och agebonnen ze bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Erfahrung mam Militärflieger A400M weist jo awer och, wéi schwéier et ass, der Effentlechkeet u sech plausibel ze maachen, ze erklären, firwat dass mer Suen an esou Projekten investéieren. Ech mengen, hei ginn 172 Milliounen iwwer eng Lafdauer vun 30 Joer investéiert, wat a priori natierlech en héije Chiffer ass. Dat mécht 5,7 Milliounen pro Joer. An dann ass et emol ze verstoen, dass deen een oder deen aneren do-bausse vläicht d'Fro stellt: Muss dat sinn? An dowéinst ass et och wichteg vun der Politik hier, dass een déi néideg Erklärungen no bausse gëtt, firwat mer esou Investissementer maachen.

Dëse Fliger ass ouni Zweifel och eng technesch Meeschterleeschtung. Ech erënneren drun, dass en 111 Tonne Carburant transportéiere kann, an dovunner 60 Tonne Kerosin, fir eben, wéi gesot, och aner Fligeren an der Luucht opzetanken.

Op de 15. Dezember 2015 hat Airbus iwwregens schonn 49 fest Commandë vun dësem Typ Fliger enregistréiert. Déi meescht koumen iwwregens vun der Australescher Royal Air Force.

Et ass virun och scho kuerz hei ugeklongen: Mir wëssen, dass mam Militärflieger A400M natierlech eng Rei Probleemer bestinn. Ech weisen och drop hin, dass besounnesch déi däitsch Politik do zimlech nervös déi lescht Wochen a Méint reagiert huet, well et erëm nei Probleemer mat deem Fliger gi sinn, wou souguer Einzelner mengen, dass et schwiereg kéint ginn, fir d'Transall-Maschinen ze ersetzen.

Ech wéilt vläicht just an deem Kontext awer drop hiweisen, wat och scho mäi Virriedner hei gesot huet, dass mer awer hoffen, dass, wéi gesot, mat deem heite Militärflieger keng technesch Probleemer bei der Produktioun wäerten entsto.

Jiddefalls kann ech ofschléissend soen, dass d'Demokratesch Partei nach wie vor der Meinung ass, dass et wichteg ass, dass Lëtzebuerg och an Zukunft e wichtige Partner vun der NATO bleift. Mir sollen a mir müssen zousätzlech Ustrengunge maachen. Mir als DP stinn hannert där Politik do. Och wann, wéi gesot, mer eng bescheiden Taille duerstellen, sou soll dat net heeschen, dass mer eiser Verantwortung net sollen nokommen. An an deem Sënn ginn ech dann och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Angel Merci fir de Rapport, deen en, wéi ëmmer, ganz perfekt virgedroen huet.

Wa mer hei iwwer Rüstungsprojete schwätzen, mengen ech, misste mer eng Kéier iwwerleeën, ob mer als Lëtzebuerg net sollten eng Approche hunn, dass, ier esou grouss Projekten am Ausland vun der Regierung engagéiert ginn, mer zumindest eng Kéier hei an der Chamber missten driwwer schwätzen.

Ech erënneren drun: Bei deem heite Projet ass dat eng Kéier mat der Belsch oder mat aneren am Ausland décidéiert ginn, ouni d'Chamber virun ze informéieren. Et gouf awer och schonn e Minister vun der DP, deen eng Kéier mat engem hallwe Schëff an engem hallwe Fliger heemkomm ass, wat awer da jorelaang net ratifizéiert ginn ass.

Ech mengen, déi Zommen, déi hei um Spill stinn, sinn an der Tëschenzäit esou grouss, dass mer als Chamber awer méi missten implizéiert ginn, a wa méiglech am Virfeld.

Hei si mer elo mat engem Projet konfrontéiert, deen 172 Milliounen kascht, ouni TVA - dat ass natierlech ganz vill Geld -, mä dee praktesch keng Retombée fir Lëtzebuerg huet. Dat ënnerscheet e vun anere Projekten, déi mer an der Tëschenzäit hei diskutéiert hunn, déi mir als ADR och meeschtens matgedroen hunn, well hei hu mer praktesch keng Retombéeën. Et ass en Tankflieger; e kënnt emol net op Lëtzebuerg tanke. Wann dat alt weinegstens de Fall wär, mä dat hu mer och net.

(Interruption)

Et gëtt keng Retombée économique hei vun dësem Projet. An do stellt sech d'Fro: Wéi wëlle mer dann de Militärbudget erhéijen iwwert d'Joren? Mat enger moderater Erhéijung vum Militärbudget, mengen ech, muss mer all d'accord sinn. Éischters hu mer Erausforderungen an eise internationalen Ëmfeld, déi mer bis viru Kuerzem net haten. Ech denken notament un den Noen Osten. Ech denken och drun, dass mer net an der NATO als Schmarotzer kënnen gesi ginn.

Et ass awer wichteg, dass mer dat an engem modesten, vernünftege Mooss maachen. An et muss een och oppassen, wéi eng international Engagementer een hält. D'Regierung huet sech net nëmmen engagéiert fir déi 0,6% bis 2020, de politeschen Engagement vun der Regierung sinn déi 2% vum Bruttoinlandsprodukt. An dat heescht 1,5 Milliarden au prix actuel. Dat wär dat Engagement, dat politescht Engagement, dat d'Regierung geholl huet.

Eis fällt op, dass déi gréng, déi hei mat engem Saz soen: „Mir sinn d'accord“, aus enger pazifistescher Partei zu där Partei komm sinn, déi elo de Militärbudget mat eropsetzt an hei an engem Saz déi 172 Milliounen fir e Militärprojekt ausgëtt, wou souguer mir eis Fro stellen, ob déi dote wierklech elo néideg sinn.

(Interruptions)

Déi Argumenter, déi bruecht ginn, déi kann een all hannerfroen. Et gëtt zum Beispill gesot, déi europäesch Capacitéiten hätten dat néideg. Mä nom Brexit mengen ech: Dee Projet vun enger EU-Arméi, deen ass vum Dësch! Wie wëllt dat dann nach an Europa, ausser der Madamm Reding, déi sech um Radio engagiert fir déi Richtung ausschwätzt? Mä wéi realistesch ass dann nach d'Grënnung vun enger europäescher Arméi, vun europäesche Capacitéiten, déi mer solle brauchen?

Wéi realistesch ass et, dass d'NATO dat do brauch? A wann, a wéi engem Zusammenhang? Sinn et dann déi Politik an der Ukrain, déi mer elo maachen, an déi Onsécherheeten iwwert den Ausgang vun de Wahlen zu Washington, déi eis sollen inspiréieren, elo an NATO-Projete Suen eranzestiechen?

Mir hunn, et gëtt gesot, „national Besoinen“. Mir hunn den A400M bestallt, mat alle Probleemer, déi d'Virriedner beschriwwen hunn; den Här Graas ganz eloquent. Mä deen A400M kann alles dat maachen, wat dëse Fliger soll kënnen maachen! E kann de Ravitaillement en vol,...

(Interruption)

...e kann eng Aide humanitaire assuréieren, e ka Persounentransport assuréieren an e kann eng Evacuation médicale assuréieren. Dat heescht, mir als Lëtzebuenger, mir hunn e Fliger kaaft, den A400M, deen alles dat kann, woubäi mer elo soen: „Elo muss mer nach an deen nächste investéieren“, mat dem Ënnerscheed, dass mer iwwert den A400M alt nach weinegstens eng Kontroll hunn, well et eisen ass, a mat deem anere kënnen mer héchstens Fluchstonnen



dorëmmer verginn u Leit, déi et dann eventuell brauchen.

Wann een also esou e Projet kuckt, da muss ee sech froen: Ass dat do begrënn? Ass et ze justifiéieren?

Wéi gesot, mir sinn op fir eng Augmentatioun vum Militärbudget an engem rasonablen Ausmooss, fir gutt Projeten, wou mer Retombées économiques fir Lëtzebuerg hunn, déi mer kënnen justifiéieren och an ekonomesch schwie-regen Zäiten an an Zäite vun engem grouss Budgetsdefizit! Mir sinn awer net d'accord, fir Suen, och fir dës Zwecker, zur Fënster erauszewerfen, a fir politesch Zwecker, déi mer am Abléck net kënnen ofschätzen.

Mir wäerten eis bei deem Vott hei also enthalen. Ech soen lech Merci.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President, an deene leschte 15 Joer goufen am Numm vum Krich géint den Terror ënnerschiddlech militäreschen Interventiounen vun der NATO selwer respektiv vun engem Deel vun hire Memberen a verschidde Länner duerghefuert.

De Bilan vun där Politik ass desastréis: E Gebitt vu Pakistan bis zum Maghreb ass nohalteg politesch destabiliséiert ginn. Zwar ass et zu enger Rëtsch „regime changes“ komm, mä dat ugefouert Zil, d'Bekämpfung vum Terrorismus an d'Verbesserung vun de Mënschrechtssituatiounen an deene Länner, ass komplett verfeelt ginn.

De Fundamentalismus ass duergch dës Militärinterventiounen net geschwächt ginn. Am Géigendeel: En ass haut méi staark wéi jee virdrun.

Militäresch si Länner wéi Afghanistan, Irak oder Libyen bezwonge ginn, befrëtt si se awer nach laang net. An de Misär an d'mënschlecht Leed vun de Leit an deene Länner hu sech an deene Jore multiplizéiert. A kengem vun deene Länner huet sech d'Situatioun vun de Mënsche verbessert.

Der NATO feelt et net u Waffen. Wäit iwwert d'Halschent vun alle weltwäite Militärausgabe gi vun NATO-Länner gemaach.

Dat ass den internationale Kontext, an deem um Sommet vu Wales virun zwee Joer, 2014, décidéiert gouf, datt Lëtzebuerg säi Verdeidigungsbudget ëm 50% sollt eropsetzen, gemooss um PIB. A plakegen Zuelen ass et souger nach vill méi. Goufen 2013 ronn 190 Milliounen Euro fir d'Défense ausginn, sou sollen dat bis 2020 iwwer 410 Milliounen Euro (veuillez lire: iwwer 410 Milliounen Euro d'Joer) sinn, also méi wéi eng Verduebelung bannent engem relativ kuerzen Zäitraum.

Zum Kontext gehéiert awer och, datt d'Regierung dëst gemaach huet zur Héichzäit vun hirer eegener Austeritéitspolitik. Wärendem also eng Spuermesure déi nächst gejoint huet an ëmmer méi Leit d'Auswierkung vun där Austeritéitspolitik ze spiere kruten, huet sech dës Regierung derzou engagéiert, d'Militärdépendenz massiv an d'Luucht ze setzen. Fir der entsater Effentlechkeet, déi just mam Kapp rësele konnt, dat schmackhaft ze maachen, ass de Verdeedegungs- a Wirtschaftsminister net midd ginn ze betounen, datt et sech hei ëm e Paradigmewiesel bei der Ausgaben-, bei der Investitiounspolitik handele géif.

Investitiounen sollten elo also eng ekonomesch Retombée op Lëtzebuerg hunn, soit iwwer Op-träg u lokal Betriber, soit iwwert d'Verdeiwung vu militäreschen-industriellen Aktivitéiten, wéi zum Beispill mam Satellittebedreier SES. Besonnesch dës leschten Aspekt hu mir an der Vergaangenheet scho schaarf kritiséiert.

An elo? Elo bedeelegt sech de Stat an Héicht vun 172 Milliounen Euro um Kaf an um Ënnerhalt vun engem Tankflieger, well, sou heescht et, mer en Defizit hätten an der Capacitéit vum Ravitaillement an der Loft, wéi d'Expérience vu Libyen 2011 gewisen hätt. Wann ee sech ukuckt, wou Libyen haut drun ass a wéi d'Leit haut a Libyen dru sinn, dann huet et bei där geckeger Operatioun vun 2011 u ganz villem gefeelt, mä net un Tankfliegen!

Dësen Tankflieger entsprécht a kengster Weis iergendwellechen objektive Besoine vun der Lëtzeburger Arméi. Et ass ausschliisslech en Obulus un d'Desiderata vun der NATO an huet am eigentleche Sënn num Wuert och näischt mat der Verdeidigung zu Lëtzebuerg ze dinn.

D'NATO, esou gëtt eis erkläert, géif fannen, datt d'Lëtzeburgerer méi e groussen Effort misste maache bei hire Rüstungsausgaben. Mä wann ee sech dann awer ukuckt, wéi d'Pro-Kapp-Rechnung vun de Militärausgaben ausgesäit, da stellt ee fest, datt d'Lëtzeburgerer pro Kapp 2015 scho méi ausginn hu wéi zum Beispill hir däitsch Noperen. Si hu pro Kapp 2015 och scho méi ausgi wéi hir belsch Noperen oder wéi zum Beispill och d'Hollänner.

Et gëtt an deem Kontext dann oft gesot, datt Lëtzebuerg jo awer vill an d'Entwécklungshëllef géif steechen. Jo, dat ass net falsch. Wann een dann awer elo déi absolutt Zuele kuckt an d'Entwécklung vun deenen absolutten Zuelen, féiert déi doten Entwécklung, also d'Erpsetzen op 0,6% vum PIB, derzou, datt schonn an e puer Joer Lëtzebuerg méi an d'Militärausgabe stécht wéi an d'Entwécklungshëllef. An dann, jo, effektiv, dann hu mer et mat engem Paradigmewiesel ze dinn, deen eng Regierungskoalitioun aus DP, LSAP an déi gréng hei mécht!

Här President, als Lénk kritiséiere mer déi Oprüstungsspiral aus prinzipielle Grënn, un där sech d'NATO, an och domadder Lëtzebuerg, bedeelegt. Mir mengen, datt dëst kee Problem léist, mä am Géigendeel ëschter den Ursprung vu weidere Problemer wäert sinn.

Merci.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Baum. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. An den Här Verdeidigungsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense.**- Merci, Här President. Wann Der erlaabt, da bleiwen ech hei fir meng Interventioun.

Ech wéilt vläicht nach eng kéier eppes kloerstellen: Deen Invest, dee mer hei maachen, dat ass en Invest vun 172 Milliounen Euro, verdeelt iwwer 30 Joer. Fir déi kréie mer dann 200 Stonne Volcapacitéiten, déi mer entweder fir eis eege Besoine kënnen benotzen oder eben als Contributioun fir Missiounen vun der UNO, vun der NATO oder vun der Europäescher Unioun kënnen zur Verfügung stellen.

Dee Montant vun 172 Milliounen - wéi gesot, iwwer 30 Joer -, dee kann nach erofgoen; wann et nach zousätzlech Partner sollt ginn, déi an deem Projet matmaachen, da geet en natierlech proportional erof.

Et ass och esou, dass keng TVA op deem Flieger do muss bezuelt ginn, well e vun der NSPA, déi jo hei zu Lëtzebuerg stationéiert ass, wäert akaaft ginn. Dat huet also indirekt Retombéien iwwert d'NSPA, déi jo hei och iwwer 1.000 Leit zu Lëtzebuerg beschäftigt.

Et ass och ugeduecht, dass mer kucken, fir eventuell d'Maintenance vun deem Flieger, zumindest deelweis, kënnen hei um Findel ze maachen, fir dann och do e Retour économique direkt ze hunn.

Den Här Baum huet ganz richteg zitéiert: Ech sot, dass ech ganz vill Wäert drop leeën, dass eis Ausgaben, wat d'Défensepolitik ugeet, wat eisen Effort de défense ugeet, e Retour économique direct op Lëtzebuerg hunn.

Dat geléngt mer an deene meeschte Fäll - Dir hutt der opgezéit: d'SES, d'Landepist um Flughafen, den Härebiere, dee renovéiert gëtt, an anerer -, mä et ass awer net exklusiv méiglech, dass all Euro, dee mer fir d'Défense ausginn, kann zu Lëtzebuerg ausgi ginn, well et nëmme ganz einfach eng Rei Wuere, eng Rei Material, eng Rei Infrastrukture gëtt, déi een net hei zu Lëtzebuerg kritt, ergo och net hei kann akafen. A wann ech déi Dépendenz, iwwert déi mer hei diskutéieren, dividéieren duergch déi 30 Joer, da sinn dat 5,7 Milliounen Euro, déi elo keen immense Retour économique op Lëtzebuerg hunn, dat bei engem Gesamtbudget, 2020, vu 400 Milliounen Euro d'Joer. Ech mengen, dass dat dann net ganz vill an d'Gewicht fällt.

An Dir probéiert hei, eng Rechnung ze maachen, déi ganz einfach net richteg ass. Lëtzebuerg war Grënnungsmember vun der NATO. Lëtzebuerg huet - dat war net ech, mä meng Virgänger - och en Engagement geholl, an zwar 2% vun eise PIB, also vun der Wirtschaftsleeschtung, an d'NATO eranzeginn, esou wéi all déi aner Länner och.

Lëtzebuerg huet sech awer ni dorunner gehalen a wäert sech och elo net dorunner halen, well mer et als Lëtzebuerg nach ëmmer - d'ailleurs hunn ech dat dem Deputy Supreme Allied Commander vun der NATO haut de Moien nach erkläert - méi wichteg fonnt hunn, méi en héijen Effort ze maachen an der Coopération au développement, well dat och friddestéitend ass respektiv well et preventiv ass, fir Konflikter ze évitéieren, an dass dat eise Schwiéerpunkt ass an och wäert bleiwe mat ronn 1,1% vun eise PIB, déi mer an d'Coopération au développement investéieren, also an d'Dréttweltdéveloppement.

Woubäi mer, wat eisen Engagement vis-à-vis vun der NATO ugeet, wäit vun deenen 2% ewech sinn, fir déi sech d'Lëtzeburgerer Land viru ville Jore schonn engagéiert huet, well mer näamlech bei 0,4% leien. A wa mer um Sommet zu Wales akzeptéiert hunn, fir dee Budget - op Drock vun allen aneren NATO-Partner, wéll ech hei awer ganz kloer soen - ze erhéije vun 0,4% op 0,6% vun eise PIB, da si mer nach ëmmer d'Schlusslicht an der gesamter NATO, wat eisen Effort ugeet.

An ech kann lech soen: Déi Diskussiounen sinn net ëmmer einfach. Wann ech aner NATO-Partner huelen, déi wäit iwwer 1,5%, 2% bäileen an de Verdeidigungsbudget vun der NATO a wirtschaftlech vill méi schlecht dosti wéi Lëtzebuerg, da kënnt Der lech virstellen, dass Der ganz schnell eng Diskussioun kritt vun „Schmarotzer“, déi zwar vun der Sécherheet, déi d'NATO assuréiert, profitéieren, awer net wëllen hir Responsabilitéit huelen a Sue investéieren.

Dat gesot, wéll ech awer nach eng kéier op e puer aner Froen agoen. Et war déi vum Här Halsdorf, ob mer net bei deem heite Flieger deeselwechten Zeenario riskéiere wéi beim A400M. Ech denken, dat ass auszuschléissen. Den A400M, wéi Der wësst, war eng nei Entwécklung vun Airbus, an déi hat, wéi vill nei Entwécklungen, am Ufank ganz vill Kannerkränken. Déi hunn zu deene Retarde gefouert, déi mer de Moment hunn. Den A330, ëm deen et hei geet, dee mer kafen, deen existéiert scho laang. Deen ass schonn x-mol gebaut ginn. An do ass also déi Problematik net ze erwaarden.

Dann zu de Piloten: Et ass effektiv esou, dass mer de Moment nach keng Pilote virgesinn hunn - Lëtzeburger Piloten -, fir op deene Fliegen ze fléien. Mir hunn de Moment Méi, fir déi sechs Piloten, déi mer brauche fir den A400M, an déi sechs Loadmastere fäerdig a matzäiten auszubilden. Mä mir denken awer driwwer no, wa mer Kandidaten hunn - well déi musse mer hunn, soss hëlleft et näischt -, fir effektiv ze kucken, ob mer och fir deen heiten MRTT-Flieger kënnen Lëtzeburger Piloten zur Verfügung stellen.

Voilà! Dat gesot, mengen ech, ass dat doten e wichtige Punkt, fir awer och den NATO-Partner ze weisen, dass mer eis net ëmmer drécken, wann et drëm geet, Verantwortung ze iwwerhuelen.

Et ass elo, wat den Timing ugeet, esou, dass um NATO-Sommet deemnächst zu Warschau den MoU wäert ënnerschriwwen ginn. Den 12. Juli soll dann de Kontrakt mat Airbus ënnerschriwwen ginn. 2017 bis 2019 ginn zu Eindhoven déi néideg Infrastrukture bereetgestallt, an d'Liwwerung vun deene Fliegen ass geplangt fir 2020 bis 2022.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci fir déi Diskussiounen. Ech soen och dem Rapporteur e ganz spezielle Merci, dee sech mat ganz vill Engagement hei an dee Projet erageknéit huet.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. Wéi gesot, d'Ofstëmmung maache mer muer de Mëtten.

Da komme mer zum leschte Punkt.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wéilt awer eppes richtegstellen, wat de Verdeedegungs- a Wirtschaftsminister gesot huet an der Confusioun zwësche Kooperatiounshëllef a Militärdépendenz.

Et ass esou: 0,6% vum PIB ass de Montant bis 2020, op dee sech Lëtzebuerg verflucht huet. Bei der Kooperatioun gëtt awer net de PIB gekuckt, bei deem enge Prozent, mä den RNB. A besonnesch zu Lëtzebuerg gëtt et do grouss Differenzen, well den RNB, notament well mir eng Situatioun hu mat Frontalieren, zu Lëtzebuerg wesentlech méi niddreg ass wéi de PIB.

Soudatt bei Extrapolatiounen, déi ee ka maachen awer vun engersäits deene 412 Milliounen, déi 2020 sollen erreecht ginn als Militärdépendenz, an der Entwécklung vun de Kooperatiounsdépendenzen, et 2020 esou wäert sinn, datt fir d'Éischt zënter ganz laangem zu Lëtzebuerg d'Militärdépendenz méi héich wäerte si wéi d'Kooperatiounsdépendenzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense.**- Nach eng kéier ganz kuerz, Här Baum: Lëtzebuerg ass e Grënnungsmember vun der NATO. Lëtzebuerg huet sech deemools engagéiert, 2% vum PIB bereetestelle fir d'Défense commune. Mir leie bei 0,4%. Mir probéieren, en Effort ze maachen op 0,6%. Déi Zuelen, déi hu weder ech erfonnt, nach ech décidéiert. Déi si vu Virgängerregierungen décidéiert ginn.

Mir stinn zu eise Engagement a mir probéieren, wéi gesot, den NATO-Partner ze weisen, dass mer en Effort maachen, dass mer vun 0,4 op 0,6 ginn. A wa mer da bei 400 Milliounen eng kéier sollte landen, da si mer nach ëmmer ganz, ganz wäit ewech vun deem, wouzou mer eis deemools engagéiert hunn.

Ech mengen, dass dat doten éischter e symbolesche Geste ass, fir wierklech ze weisen, dass mer a schwieeren Zäiten och zu deenen aneren NATO-Partner stinn.

An ech erënneren nach eng kéier dru, dass et ganz ville Länner an der NATO wirtschaftlech vill

méi schlecht geet wéi Lëtzebuerg an dass déi hiren Effort awer vill méi wäit leeschten, wéi mir dat de Moment maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun. An, wéi gesot, d'Ofstëmmung maache mer muer.

Eise leschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6952. An do geet et ëm eng rationell Notzung vun der Energie. De Rapporteur, de Frank Arndt, ass scho prett.

Här Arndt, Dir hutt d'Wuert.

7. 6952 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'Énergie

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 19. Februar 2016 gouf de Projet de loi vum Wirtschaftsminister an der Chamber déposéiert. Dëse Gesetzestext ännert d'Gesetz vum 5. August 1993 iwwert déi rational Benotzung vun der Energie.

Erlaabt mer dann, och e bësse méi rational mat der Zäit ëmzegoen an dofir den Temps de parole mat ze iwwerhuele vun der Fraktioun an dat anzebannen a mäi Rôle als Rapporteur. Ech wollt dat awer kloer kënnen trennen.

Et geet hei ëm eng Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv. De Statsrot huet den éischten Avis den 19. Abrëll an en Avis complémentaire de 24. Mee eragereecht. Och d'Berufsskummeren hunn eis hiren Avis erageschéckt. Dobäi soll gesot sinn, datt mir an der Kommissioun den Avis vun der Chambre de Commerce eréischt kritt hunn, nodeems mer schonn an der Ekonomieskommissioun de Projet de loi (veuillez lire: de Rapport) ugeholl haten. Dofir ass deen Avis net am schrëftlechen Deel enthalen. Selbstverständlech ass den Avis awer consultéiert ginn.

Komme mer elo zum Fong vun dësem Gesetzestext. De But ass et, d'Artikelen 8 a 14 vun der Direktiv 2012/27/UE vum 25. Oktober 2012 iwwert d'energetesch Effikassitéit ze iwwerhuelen. All déi aner Artikelen vun där Direktiv goufe schonn an anere Gesetzter ëmgesat, esou wéi Der dat am schrëftleche Rapport kënnt noliessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Inhalt vun deenen zwee Artikelen.

Am Artikel 8 gesäit d'Direktiv vir, datt grouss Entreprises - also hei soll gesot sinn, datt et net d'PMEE sinn - eng potenziell Economie an der Energie solle versichen ze maachen. Dës grouss Entreprise solle sech regelméisseg engem energeteschen Audit ënnerzéien oder sech e Managementsystem uschaffen, deen déi energetesch oder d'Ëmwelteffikassitéit am Betrib optimiséiert.

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit nëmme limitéiert energetesch Audite vir. Et gëtt also héich Zäit, den nationale Kader op EU-Niveau ze erhéijen!

All grouss Firmen - also keng PMEen -, déi sech hei zu Lëtzebuerg etabléiert hunn, musse sech bannent fënnf Méint no der Entrée en vigueur vun dësem Gesetz engem Energieaudit ënnerzunn hunn. Dësen Energieaudit muss all véier Joer duerghefuert ginn.

Wat fir eng Entreprise sinn dann hei genau betrafft? Et si Betriber, déi méi wéi 250 Salaréien an en Émsaz am Joer hunn, dee méi héich ass wéi 50 Milliounen Euro, oder wou de järeleche Bilan méi grouss ass wéi 43 Milliounen Euro.

Den Audit soll de Firmen unhand vun detailléierte Berechnungen hir Energiespuerpotenzialer viru Ae féieren. Et gëtt sech doduerch erhofft, datt d'Firmen hiren Interessi fir d'Energieeffizienz erhéijen an e supplementaren Ureiz kréien, fir Energie anzespuren.

Et ass awer och virgesinn, datt Entreprises, déi manner wéi 100 Megawattstonnen Energie verbrauchen, nëmmen en Audit simplifié brauchen ze maachen, soudatt fir déi Entreprises de finanziellen an administrativen Impakt sech a Grenzen hält.

Dir Dammen an Dir Hären, elo zum Artikel 14. Am Artikel 14 gesäit d'Direktiv vir, datt e Betrib seng Effikassitéit am Beräich vun der Heizung oder vu sengem Keeltréseau soll optimiséieren. Eng Käschten-Notzen-Analys fir d'Notzung vun der „chaleur fatale“ soll gemaach ginn, also op Lëtzebuergesch d'„Offallhëtzt“. Wat ass dat, déi sogenannten Offallhëtzt? Dat ass d'Energie, déi bei der Produktioun entsteet an net méi am Produktiounsprozess vun dësem Betrib ka benotzt ginn.

Dës Käschten-Notzen-Analys soll gemaach ginn op dräi Punkten: Am Fall vun der Planung oder der substanzierter Renovéierung vun enger ther-